



# DE REVISÖR

ENG GROTESK VUM NIKOLAI GOGOL

AN D' LËTZEBUERGESCHT IWWERDROEN  
AN INSZENÉIERT VUM CLAUDE MANGEN  
DEN 20./21./22./25./26./27./28./29.07.2017 ËM 20:30 AUER  
AM PROMMENHAFF ZU GROUSSBUS

RESERVATIOUNEN : 671 222 224  
[WWW.SCHANKEMAENNCHEN.LU](http://WWW.SCHANKEMAENNCHEN.LU)

Dem **Nikolai Gogol** säi Komédistéck **“Der Revisor”** vun 1836 ass eng batterbéis Kritik un enger korrupter Politik, eng Gesellschaftsfarce, déi Gurmangsegkeet a Verlügenheet am Grousse wéi am Kleng lächerlech mécht!

An enger klenger Stiedchen – vergiess a verluer um Enn vun der Welt – stiechen s'all ënner enger Decken. Eng Hand wäscht déi aner. Am Spidol wuchert den Dreck bis op de Gank. De versoffene Schreiwert uerteelt um Geriicht wéi et em an de Kapp kënn, d'arbants de Riichter op d'Juegd geet. Justiz, Post, Schoul- a Gesondheetswiese si korrupt bis op d'Schanken. Si verjuppen, verspillen a verspekuléieren d'Suen déi se vum Staat kréien. Am Fong kéint et sou virugoen, wann net op eemol e Revisör kéim! Déi Beamten a politesch Responsabelen, virop dem Buergermeeschter, geet de Wapp. Ëm déi nämmlecht Zäit logéiert e jonke Bonvivant vu Péitersbuerg am Duerf. Zanter zwou Woche leeft en op Puff, a well se hie fir de Revisör halen, gëtt en zerguttst bestach. Déi Sue kommen deem jonke Profitör grad richteg, an en dreift säi Spillche bis op d'Spëtz.

Korruptioun a Vetternwirtschaft hunn iwweerlieft, genee wéi dem Nikolai Gogol säi Verwiesslungsstéck, dat méi aktuell ass wéi jee. Politskandalen, Bestiechung – ëffentlech Gelder déi verontreit ginn – politesch Systemer déi zesummekraachen – et vergeet keen Dag wou net eng Sau duerch d'Duerf gejot gëtt.

IWWERSETZUNG A REGIE :

CLAUDE MANGEN

PRODUKTIONSLEEDUNG :

CHRISTIANE THOMMES

REGIEASSISTENZ :

VIV MEINTZ

KOSTÜMER :

SYLVIE HAMUS

KOSTÜMASSISTENZ :

HENRIETTE HENGEN

CHOREOGRAPHIE :

STEVEN KLOPP, MANON JAEGER

BELIICHTUNG :

ON STAGE LIGHT

